ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Abrëll 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir d'Culten an un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Déi länneriwwergräifend islamistesch Beweegung *Millî Görüș* ass international ganz ëmstridden, ë.a., well si sech fir e politeschen Islam staark mécht an z.B. a Frankräich och net d'"Charte des principes" iwwert den Islam ënnerschriwwen huet. An deem Kontext huet e franséischen Deputéierte rezent gefuerdert, datt de franséische President sech asetze soll, *Millî Görüș* a Frankräich opzeléisen.

An deem Kontext hätt ech folgend Fro un d'Regierung:

1. Ass der Regierung bekannt, ob an a wéi engem Mooss *Millî Görüș* och zu Lëtzebuerg aktiv ass?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742